Mir starten op dëser Platz eng nei Serie iwwert Kënschtler an Artisten aus eiser Gemeng, di aus de verschiddenste Konschtsparte kommen an déi sech op nationalem a sou guer internationalem Niveau ee Numm gemaach hunn.

Jonglënster huet di grouss Chance vill Kënschtler op sengem Territoire wunnen ze hunn, a mir wollten eisen Awunner dëse Räichtum net virenthalen.

Den Ufank mécht de :

Pol Leurs

Cartoonist

Pol Leurs

1947 gebuer, huet de Pol scho mat 6 Joer säin alleréischte Cartoon gezeechent. U sech ass hien en Autodidakt wat Zeechekonscht ubelaangt, mee dem Stil, deen hien entwéckelt huet, ass hien ëmmer trei bliwwen.

Dat eenzegt wat no den urspréngleche schwaarz/wäiss Zeechnunge bäikoum, waren d'Faarwen an d'Aquarelltechnik, eng Technik di de Pol an Owescoursë bei eis an der Gemeng beim Michel Delmart a spéider beim Naturalist Alan Johnston (engem Schott aus Wolz) perfektionéiert huet. Beim Alan huet hie geléiert d'Natur, déi ee gesäit an sech opzehuelen, Strukturen ze erfuerschen an dann op d'Blat ze bréngen.

Mee lo mol der Réi no.

Technescht Zeechnen huet de Pol um Technikum geléiert, a säin Talent fir Cartoone huet hie genee do agesat: Zeene vu Proffen a Schüler. D'Iddie sinn him net ausgaangen, well hien an enger dach awer, haut géif ee soe „lieweger" Klass war, wou sëllegen Zeenen aus dem Schoulalldag sech um Pabeier erëmfonnt hunn. E gudde Kolleeg huet z.B. e Foussballmatch géint Proffe mat engem witzegen Artikel kommentéiert, an de Pol huet di passend Zeenen dozou gezeechent.

Wéi et schéngt war den Technikum deemools ganz frou des Klass lasszeginn, well si hunn all gepackt. 3E, de Schülersyndikat huet warscheinlech méi wéi ee vun de Proffen, an och den Direkter schwéier gehäit, well net ëmsoss hat deen sech eng Kéier a sengem Büro um Rez-de-chaussée agespaart an ass carrement zur Fënster erausgeflücht fir Diskussioune mat hinnen aus de Féiss ze goen.

Dobäi wollten d'Jonge just dass hir Schoul géif e bësse méi zäitgeméiss ginn.

An de 70er wollt de Pol teste wéi seng Cartoone da géifen um internationalen Niveau ukommen, an huet eng Zeechnung op e Concours op Knokke ageschéckt. Leider hat hien den Delai verpasst mee dëst huet den Ustouss ginn sech op der internationaler Bün wëllen e Numm ze maachen.



An dat ass him méi wéi gegléckt.

De Pol huet u méi wéi 360 Concourse weltwäit deelgeholl a bis haut 78 national an international Präisser gewonnen, dovun 18 éischt Präisser.

Seng alleréischt Ausstellung hei zu Lëtzebuerg war an der Galerie Armand Gaasch zu Diddeleng.

De Pol erënnert sech och gutt un säin 1.Präis, deen hien 1980 zu Berlin op der Cartoon‘80 gewonnen huet. Hien selwer hat sech d’Thema ginn mat 3 Zeechnungen zu „Hänn an Äerm“. E gouf zesumme mam Pat Mallet mam „Sonderpreis für besonders hervorragende Leistung“ ausgezeechent.



Dat war natierlech deen Usporn fir weiderzemaachen.

Seng Iddie kommen aus dem Alldag, aus de Kontakter mat de Leit a setzen sech zesummen aus Zeene vu Fotoen a geliefte Situatiounen.

Cartoone zeechnen ass schonn zäitintensiv: fir d’éischt ass et mol eng Iddi, di entsteet a sech da lues a lues am Kapp festsetzt. D’Bild hëlt Form un, Faarwen an den Ausdrock an de Gesiichter vu Personnagë musse genee klappen, an da gëtt dës Iddi aus dem Kapp op dem Pabeier realiséiert.

Witzeg a mol geleeëntlech satiresch kann an dierf een dem Pol seng Cartoone bezeechnen.

Wat de Pol a seng Fra Gabie, déi hien all déi Joren ënnerstëtzt a begleet huet an op di interessant Auslandsreesen op Athen, Istanbul, Poznan, Berlin, Paräis, Jonzac(F) e.a., am meeschte freet sinn di vill flott Frëndschaften di sech duerch de Kontakt mat anere Kënschtler am Ausland entwéckelt hunn, an deelweis bis haut undaueren.

De Pol huet vill bekannten Artisten aus der Branche kennegeléiert, wéi: Mordillo, Serre, Peter Gaymann, Andy Riley, Riber Hanson, François Didier, de Roger Leiner a nach vill anerer.

Ee ganz gudde Frënd ass de polneschen Artist Antoni Kowalski, deen haut op der Academy of Fine Arts zu Katowice dozéiert, a mat deem de Pol sech zanter iwwer 30 Joer reegelméisseg trefft.

De Pol ass och Member vu CartoonArt.lu, wou hien zesumme mat anere Kolleegen d’Cartoonkonscht hei zu Lëtzebuerg promouvéiert, a jonk Talenter fërdert. Un all di Jonk ass et de Message hire ganz perséinlech Stil ni ze änneren, just weiderz‘entwéckelen, a just do ze verbessere wou et noutwendeg ass.

Réckbléckend seet de Pol dass d‘Cartoonzeechnen, seng Passioun, him net nëmmen immens vill Satisfaktioun mee och ganz wonnerbar Frëndschafte geschenkt huet.

Pol, Merci fir eise flotten Austausch a genéiss deng wuelverdéngte Pensioun.

Françoise Hetto-Gaasch

Kulturschäffen